## Heefeg Froen

### Ass mäin eegent, privat Netzwierk sécher?

Jo! Den Trafic aus dem Freifunk-Netz ass komplett vum privaten Netz a senge Computeren getrennt.

### Ännert sech d'Vitesse vu mengem Uschloss?

Nee! Den Freifunk-Router notzt nëmmen een Deel vun der disponibeler Bandbreet. Du selwer bestëmms, wei vill s du fir d'Freifunk Netz wëlls zur Verfügung stellen.

### Wéi eng Käschte kommen op mech duer?

Ee gënschtege Freifunk-Router kascht momentan ëm déi 20€. Pro Joer ginn domadder ongeféier 3€ Stroumkäschte verursaacht.

## Weider Informatiounen

Allgemeng Informatiounen iwwer Freifunk fënnt een ënner: freifunk.net

**Websäit:**
Mir benotzen d'Infrastruktur vun den Lëtzebuerger Freifunker: freifunk.lu

**Kaart a Statistiken:**
map.freifunk.lu
stats.freifunk.lu

**Email-Kontakt:**
freifunk@c3l.lu

**Freifunker-Treffen:**
All Méinden um 20:00 Auer treffen sech d'Freifunker am eegenen Hackerspace "ChaosStuff". Hei kann een diskutéieren, Router ariichten, Froe stellen a beäntweren. Méi op: www.chaosstuff.lu

**Fräie WLAN elo!**

# Freifunk Lëtzebuerg freifunk.lu

